LSAP

Question élargie n° 132
Reçue le 25.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.02.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës erweidert parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

SchülerInnen mat engem sozial benodeelegte Background hu sech an de leschten dräi Joer an alle Kompetenzberäicher verschlechtert – zu där Konklusioun kënnt de Bildungsbericht 2021. De lëtzebuerger Bildungssystem dréit der Diversitéit vum Land net Rechnung. Och wat d'Orientéierung ugeet, gi kloer Defiziter vun eisem Schoulsystem opgezeechent : de sozialen Hannergrond vum Jonken spillt hei beispillsweis bäi dem Iwwergang vun der Grondschoul an de Secondaire eng falsch Roll.

Am Kader vun dëser erweiderter parlamentarescher Fro wéilt ech dem zoustännege Minister dës Froe stellen:

- Wéi reagéiert den Här Minister op dës dach erschreckend Resultater aus dem Bildungsbericht? Änneren d'Konklusiounen aus deem Rapport eppes un der Strategie vum Ministère ?
- Wéi wëll den Här Minister dofir suergen, dass d'Bildungsschéier à moyen, mee virun allem och à court terme nees méi zesumme kënnt?
- Wéi begéint een der Kritik, dass de lëtzebuerger Schoulsystem der Diversitéit vum Land net gerecht gëtt?
- Wéi wëll een fir méi Gerechtegkeet bäi der Orientéierung suergen?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu